N°495
Entrée le 22.04.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Justizministesch a vun der delegéierter Ministesch beim Premierminister fir Medien a Connectivitéit, Elisabeth MARGUE, op d'parlamentaresch Fro N°495 vum 19. Mäerz 2024 vum Här Deputéierte Marc GOERGEN**

**Ad 1)**

Intelligent Videoiwwerwaachungssoftware, déi fir den Zweck vun der Präventioun vu Verbriechen installéiert sinn, mussen de Bestëmmunge vum Gesetz vum 1. August 2018 betreffend de Schutz vun Individuen am Bezuch op d'Veraarbechtung vu perséinlechen Donnéeën am penale Beräich souwéi a Saache vun nationaler Sécherheet respektéieren.

Zousätzlech gesäit den Artikel 43bis vum geännerte Gesetz vum 18. Juli 2018 iwwert d' Police grand-ducale ("VISUPOL") d'Konditioune vir, ënnert deenen d' Videoiwwerwaachung vun ëffentleche Plazen kann ausgefouert ginn. Besonnesch de Paragraf (5), Alinea 2 vun deem Artikel gesäit vir: « *(…) La prise d'image peut inclure le recours à des techniques de focalisation et à des détections automatiques de situations. Le recours à des techniques de reconnaissance faciale est exclu* ».

Ab 2025 muss och d'Europäescht Reglement "*Artificial Intelligence Act*" berücksichtegt ginn, dat ënner anerem fir Systemer déi perséinlech Donnéeë mat der Hëllef vu kënschtlecher Intelligenz ("AI") veraarbechten, eng gewëssen Unzuel vun zousätzlechen Obligatioune virgesäit. Sou wäerte verschidden AI-baséiert Applikatiounen (zum Beispill d'Benotzung vu Videoiwwerwaachung fir Gesiichtserkennungsdatenbanken ze kreéieren) verbuede ginn. Et ginn awer Ausname fir d'Strofverfollgung. Ausserdeem gi strikt Obligatioune fir aner AI Systemer virgesinn, besonnesch d'Verflichtung fir Risikobewäertung a Minimiséierung vun Date-Benotzung ("*data minimisation*") ausféieren ze mussen, e Benotzungsregister ze hunn, transparent a korrekt ze sinn, an enger mënschlecher Supervisioun ze ënnerleien. Zousätzlech mussen allgemeng AI Systemer an d'Léiermodeller op deenen se baséiere Transparenzufuerderunge respektéieren. Et ass awer ubruecht, op Basis vun de legislativen Entwécklungen ze iwwerpréiwen, wéi dat europäescht AI-Gesetz fir ëffentlech Acteuren zu Lëtzebuerg gëlle wäert.

**Ad 2)**

Intelligent Videoiwwerwaachungssoftwaren, déi vu privaten Acteuren installéiert goufen (oder ëffentlechen Acteuren, ausser zum Zweck vun der Präventioun vu Verbriechen oder der nationaler Sécherheet), mussen d'Bestëmmunge vum europäeschen Dateschutzreglement ("GDPR") respektéieren.

Ënnert de Punkten deene besonnesch Opmierksamkeet zoukomme sollt, notéiert d'*Commission Nationale pour la Protection des Données* (CNPD) an hiren Analyse besonnesch de Prinzip vun der Transparenz, dee vum "*data protection by design*", d'Konditiounen déi mat der Notzung vun engem Sous-traitant verbonne sinn an, falls relevant, d'Veraarbechtung vu sensibele perséinlechen Donnéeën.

D’Regierung schléisst sech der Analys vun der CNPD un, an ënnersträicht d’Wichtegkeet vum mënschlechen Element (“*Human in the loop*”) an automatiséierte Systemer. Wéi virdru schonn erwäänt, muss ab 2025 och den "*Artificial Intelligence Act*" berücksichtegt ginn. Esou wäerte verschidden AI-baséiert Applikatiounen, wéi zum Beispill d’Benotzung vu Videoiwwerwaachung fir Gesiichtserkennungsdatenbanken ze kreéieren, verbuede sinn, wärend strikt Obligatioune fir aner AI Systemer wäerte bestoen, déi an d’Kategorie “Héije Risiko" falen.

Lëtzebuerg, den 22 Abrëll 2024.

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue